N°1832
Entrée le 23.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

2021 gouf um Niveau vun der OECD ee weltwäit Mindestbesteierungsofkommes decidéiert, wat eng Mindestbesteierung fir Konzerner vu 15% virgesäit a wat a ronn 140 Länner ab dësem Joer soll wierken. Zu Lëtzebuerg gouf dëst Ofkommes mam Gesetz vum 22ten Dezember 2023 ëmgesat.

Direkt no sengem Amtsuntrëtt huet den US-amerikanesche President eng honnerten Dekreeter ënnerschriwwen, dorënner, dass d'Mindestbesteierungsofkommes net an den USA wäert applizéiert ginn. Et sollen och Moossnamen duerchgefouert gi géint Länner, déi Steierreegelen aféieren, déi d'USA belaaschte kënnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Auswierkunge schätzt de Finanzminister huet dës Decisioun op Lëtzebuerg?
2. Wäert de Finanzminister dëse Sujet um europäeschen Niveau mat sengen europäeschen Amtskolleegen uschwätzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten